Avez-vous déjà subi une opération ?

Ces problèmes existaient-ils déjà avant votre accident ?

Êtes-vous épaulé(e) par votre entourage ?

Êtes-vous sous tutelle ?

Percevez-vous une aide financière ?

Avez-vous un document officiel émanant du juge des tutelles ?

Qu'avez-vous fait comme études ?

Qui avez-vous eu comme employeur(s) ?

En cas de prise en charge, il y aura un contrat d'accueil ou d'hébergement qui stipulera vos engagements à notre égard et les nôtres vis-à-vis de vous.

Combien cela coûte(ra)-t-il ?

→ Le prix de notre structure de jour est fixé à ...

Il s'agit d'un forfait qui est fixé par le Ministère de la Famille.



Am Kader vum Hébergement kucke mir, wat Äert Akommes war.
Wann Äert Akommes méi niddreg ass wéi de globale Präis vun der Prise en charge, do leet de Familljeministère d'Differenz bäi.

Pour ce qui est de l'hébergement, nous tiendrons compte de votre revenu.
Si votre revenu est inférieur au prix global de la prise en charge, le Ministère de la Famille versera la différence.



HEI GËTT WEIDER KOMMUNIZÉIERT ...

AM ACCUEIL

- Ech wollt dat hei ofgi fir d'Madame Thill.
Kënnt Dir hir et ginn ?
→ Jo sécher, ech maachen dat.
Ech maachen dat ganz gären.
- Ech hu Rendez-vous fir e Virstellungsgespräch.
→ Mat wem hutt Dir dat Gespräch ?
- Ech weess et net.
→ Wéi ass Ären Numm, wann ech gelift ?
- Paul Wagner.
→ Huelt lech e Moment Plaz ! Ech kucken dat no.
D'Madame Als kënnt direkt.
D'Madame Als hues sech e bësse verspéit.
Si ass geschwënn do.
- Ech hu Rendez-vous mam Här Flammang.
→ Kommt wann ech gelift mat !
Huelt lech Plaz !
Kann ech lech eppes ze drénken ubidden, eng Taass Kaffi oder e Glas Waasser ?
- Jo, gären eng Taass Kaffi.
- Den Här Flammang kënnt gläich.

À L'ACCUEIL

- J'aimerais déposer ceci à l'intention de Madame Thill.
Pourriez-vous le lui remettre ?
→ Bien sûr.
Je le ferai bien volontiers.
- J'ai rendez-vous pour un entretien d'embauche.
→ Qui devez-vous rencontrer ?
- Je l'ignore.
→ Quel est votre nom ?
- Paul Wagner.
→ Veuillez prendre place ! Je vérifie.

Madame Als va arriver.
Madame Als a pris un peu de retard.

Elle sera bientôt là.
- J'ai rendez-vous avec Monsieur Flammang.
→ Veuillez m'accompagner !
Asseyez-vous !
Puis-je vous offrir quelque chose à boire, une tasse de café ou un verre d'eau ?
- Je prendrais volontiers une tasse de café.
→ Monsieur Flammang va arriver.



- Ass den Direkter do ?
- En ass de Moment ausser Haus.
Kann ech him e Message hannerloossen ?
- Gär ! Sot him, datt ...
- Ass et dringend (dréngend) ?
- Zimlech.
- Da probéieren ech un hien ze kommen.
- Ech kucken, ob en Zäit huet.
- En ass grad an enger Reunioun.
- Kann en lech zréckruffen ?
- Ech froen no an da ...
... ruffen ech lech zréck.
... mellen ech mech zréck.
... ruffen ech lech un.

UM TELEFON

- Ech ruffen lech fir e Rendez-vous auszemaachen.
- Wéini géif et lech goen (passen, arrangéieren) ?
- En Donneschdeg, wann dat geet.
- An der Rei ! Da gesi mer eis um hallwer zéng.
E schéinen Dag nach a bis dann !
- Géif et lech fir e Méindeg goen, um 14 Auer ?
- Nee, dat geet mir net. Do hunn ech schonn eppes.
- Ech kucke mol um Kalenner, wat soss nach fräi ass.
- Ech géif mech gär fir de Concert umellen.
- Wéi ass den Numm, wann ech gelift ?
- Konsbruck.
- Fir wéi vill Persounen ?
- Mir wäerten zu dräi sinn.
- Ass notéiert. Merci fir Ären Telefon !
- Moien, Wengler hei. Ass de Vic do ?
- Ech mengen, Dir hutt lech geiert.
- Entschëllegt (den Derangement) !
Awar (Äddi) !

- Le directeur est-il là ?
- Il est absent en ce moment.
Voulez-vous que je lui transmette un message ?
- Volontiers ! Dites-lui que ...
- Est-ce urgent ?
- Relativement.
- Dans ce cas, je vais essayer de le joindre.
- Je vérifie s'il est disponible.
- Il est en réunion.
- Peut-il vous rappeler ?
- Je me renseigne puis ...
... je vous rappelle

... je vous téléphone.

AU TÉLÉPHONE

- Je vous téléphone pour prendre rendez-vous.
- Quand cela vous arrangerait-il ?
- Jeudi si possible.
- Très bien ! Je vous attends à neuf heures et demie.
Bonne journée et à bientôt !
- Ça vous arrangerait-il lundi à quatorze heures ?
- Non, j'ai déjà quelque chose de prévu.
- Je regarde s'il me reste des plages libres.
- J'aimerais m'inscrire pour le concert.
- Quel est votre nom ?
- Konsbruck.
- Pour combien de personnes ?
- Nous serons trois.
- C'est noté. Merci pour votre appel !
- Bonjour, Wengler à l'appareil. Vic est-il là ?
- Je pense que vous vous êtes trompé(e) de numéro.
- Excusez-moi de vous avoir dérangé(e) !
Au revoir !



- Ech mengen, ech hu mech geiert.
Entschëllegt !
→ 't ass näischt. Awar !

- Bonjour, Här Maus !
Ech ruffen un, fir lech Bescheed ze
soen, dass d'Reunioun vu mar ofgesot
ginn ass / op e Freideg verluecht ginn
ass.
→ E Freideg geet et mir net.
Kënnt Dir mech entschëllegen ?
- Jo, maachen ech.
- Ech sinn net matzäiten do fir
d'Reunioun.
Ech stinn am Stau an et ass
en Accident geschitt.
→ Merci fir den Telefon. Ech soe Bescheed.

Moien, Scheffen vum Tricentenaire.
Hei ass d'Fabienne vum Tricentenaire.

→ Firma Dir hat eng Bestellung
hei gemaach, déi mir net esou kënnen
liwwere vun de Quantitéiten, déi Dir
bestallt hutt.
→ Da schéckt mir eng Propos. Ech
kucke mir déi un an adaptéieren
d'Bestellung. Ech schécken déi nei
Bestellung per Fax.
Merci an e schéinen Dag !

Ech ruffen un, fir e Bus fir d'Madame/
den Här X ze bestellen.

Moien. Hei ass d'Madame/den Här X.
Sinn ech do am Tricentenaire ?
Mäi Brudder ass säit sechs Méint an der
Clinique wéinst engem schwéieren Au-
tosaccident a mir siche fir hie schnell-
stméiglechst eng Plaz, wou hie betreit
ka wunnen.
→ Ech verbannen lech mat der
Assistante sociale / Ech ginn lech
d'Assistante sociale, déi lech do méi
spezifesch hëllef kann.
Et deet mer leed.
D'Madame ass de Moment net
erreechbar.
Wann Der wëllt, kann ech hir e
Message mat Ärer Telefonsnummer
hannerloossen.
Da kann si lech zréckruffen.

- Je crois que je me suis trompé(e)
de numéro. Excusez-moi !
→ Ce n'est rien. Au revoir !

- Bonjour Monsieur Maus !
Je vous téléphone pour vous
informer que la réunion de demain
a été annulée / a été reportée à
vendredi.
→ Vendredi ne m'arrange pas.
Pouvez-vous m'excuser ?
- Très bien.
- Je serai en retard pour la réunion.

Je suis pris dans un bouchon et il y a
eu un accident.
→ Merci d'avoir téléphoné.
Je transmets le message.
Bonjour, Scheffen du Tricentenaire.
Fabienne, du Tricentenaire.

→ Ici la firme Vous nous avez
passé une commande que nous ne
sommes pas en mesure d'exécuter
intégralement.
→ Dans ce cas, faites-moi une pro-
position que j'étudierai et je com-
manderai en conséquence. Je vous
faxerai la nouvelle commande.
Merci et bonne journée !

Je vous téléphone pour réserver un
bus pour Madame/Monsieur X.

Bonjour. Ici Madame/Monsieur X.
Suis-je bien au Tricentenaire ?
Mon frère est en clinique depuis six
mois suite à un grave accident de
voiture et nous cherchons d'ur-
gence un endroit où il pourrait être
pris en charge.
→ Je vous passe l'assistante so-
ciale, qui va pouvoir vous aiguiller.

Désolé(e) !
La dame n'est pas joignable en ce
moment.
Si vous le désirez, je peux lui commu-
niquer votre numéro de téléphone.

Elle pourra ainsi vous rappeler.





Äddi a Merci.
Nach e schéinen Dag !

Moien. Hei ass ...
Ech si Schüler(in) am Lycée an ech
muss e Stage vun zwou Wochen am
soziale Beräich, an engem Altersheem,
an enger Crèche maachen.
Huelt Dir Studenten ?
Ass bei lech nach Plaz fräi ?
→ Jo, mir huele Studenten.
Vu wéini bis wéini wier dat ?
Vum véieranzwängeste Mäerz bis
den aachten Abrëll.
Maacht Dir eng Formatioun als Educa-
teur oder als Infirmier ?
→ Ech léiere fir Educatrice/Infirmière.

→ Ee Moment, wann ech gelëft.

Ech verbannen lech mat der Ma-
dame ...
Ech sinn op der Sich no enger Aar-
becht a wollt mech bei lech als Infir-
mier/Educateur mellen.
Ass bei lech eng Plaz fräi ?
→ Dat kann ech lech leider net soen.

Maacht am beschten eng schrëftlech
Demande !
Et ass méi einfach, wann Dir eng
schrëftlech Demande maacht.

Ass d'Madame X / den Här Y hei bei
lech am Haus ?
→ Jo, si/hien ass bei eis.
Mir wollt si/hie besiche kommen.
→ Wie sidd Dir ?
Sidd Dir Famill ?
Kënn Dir mir just Ären Numm soen ?
Da froen ech no.

D'Schwëster vun der Madame X /vum
Här Y ass hei.
Kann si bei lech an d'Stuff kommen ?
Kënn d'Madame X/den Här Y bei si
eraus ?

Moien. Hei ass Faber, vu Walfer.
Ech wollt nofroen, wéi et menger
Mamm geet.
Si war d'lescht Woch krank.
→ Dat weess ech leider net.
Dat kann ech lech elo net soen.

Au revoir et merci !
Bonne fin de journée !

Bonjour. Ici ...
Je suis lycéen(ne) et je dois faire un
stage de deux semaines dans le
domaine social, dans une maison de
retraite, dans une crèche.
Acceptez-vous les étudiants ?
Avez-vous encore des places disponibles ?
→ Oui, nous prenons des étudiants.
Ce serait de quand à quand ?
Du vingt-quatre mars au huit avril.

Faites-vous des études d'éducateur
ou d'infirmier ?
→ Je fais des études d'éducatrice/
d'infirmière.
Un instant s'il vous plaît !

Je vous passe Madame ...

Je suis à la recherche d'un emploi et
aimerais postuler chez vous pour une
place d'infirmier/d'éducateur.
Avez-vous un emploi vacant ?
→ je suis malheureusement inca-
pable de vous le dire.
L'idéal est que vous postuliez par
écrit.
Le plus simple est que vous postuliez
par écrit.

Madame X / Monsieur Y est-t-elle/il
chez vous ?
→ Oui.
Nous aimerions lui rendre visite.
→ Qui êtes-vous ?
Êtes-vous une parente/un parent ?
Donnez-moi votre nom et je me
renseignerai.

La sœur de Madame X / Monsieur Y
est ici.
Peut-elle vous rejoindre dans le salon ?
Madame X / Monsieur Y vient-elle/il
la rejoindre ?

Bonjour, ici Faber, de Walferdange.
J'aimerais savoir comment va ma
maman.
Elle a été malade la semaine dernière.
→ Je suis incapable de vous le dire.



Wann Dir wëllt, verbannen ech
lech mat enger Infirmière.
Dat wier léif.

A WA GEMAILT GËTT ...

D'Reunioun vum Aachten ass op den
Zéngte verluecht.
D'Reunioun vu muer ass annuléiert/
ofgesot.
D'Reunioun vun e Freideg fällt aus.
Ech informéieren lech, soubal ech den
neien Datum weess.
Ech soen lech Bescheed, wann en
neien Datum festgeluecht ass.
Déi nächst Reunioun ass den (Datum)
zu Walfer um (Auerzäit).
An der Annexe schécken ech lech den
Ordre du jour fir d'Reunioun vum ...
An der Annexe schécken ech lech en
Text iwwer ...
Kënnt Dir dee wann ech gelift duerch-
liesen a mir Är Verbesserungen, Ver-
besserungsvirschléi a Remarques esou
bal wéi méiglech zeréckschécken ?
Villmools Merci am Viraus.

Kënnt Dir wegl de Rapport iwwerliesen ?
Kënnt dir wegl de Formulaire ausfüllen a
mir bis spéitstens den ... zeréckschécken ?
Merci am Viraus.

Wann Dir um Seminaire/um Fest
deelhuele wëllt, méllt lech wegl un um
Telefon oder um E-Mail.

Villmools Merci.

Si vous le souhaitez, je peux vous
passer une infirmière.
Ce serait gentil.

ET PAR MAIL ...

La réunion du huit est reportée au dix.

La réunion de demain est annulée.

La réunion de vendredi est annulée.
Je vous communiquerai la nouvelle
date dès que possible.
Je vous tiens informé(e) de la nou-
velle date fixée.
La prochaine réunion se tiendra le ... à ...
heures à Walferdange.
Je vous envoie en annexe l'ordre du
jour de la réunion du ...
Je vous envoie en annexe un texte
relatif à ...
Pourriez-vous le (re)lire et me faire
part au plus tôt de vos corrections,
propositions de corrections et re-
marques ?
Je vous en remercie d'avance.

Pourriez-vous (re)lire le rapport ...
Pourriez-vous compléter le formulaire et
me le renvoyer au plus tard le ... ?
Je vous en remercie d'avance.

Si vous souhaitez participer au
séminaire/à la fête, veuillez nous
en informer par téléphone ou par
e-mail.
Merci.



A WA GANZ KLENGER, MANNER KLENGER, JUGENDLECHER A SOUGUER ERWUESSENER BETREIUNG BRAUCHEN ...

Hei si se ganz kleng (0 bis dräi Joer) ...

Moien !
Moien alleguerten !

Wéi geet et ?
Geet et (gutt) ?
Hutt der gutt geschlof ?
Bass de nach midd ?
Dees de/Déi wann ech gelift deng
Kleeder aus !

Lo gi mer eis wäschen.
Gees du op de Potti ?
Lo di mer eng Pampers un !
Mir wiesselen elo d'Pampers.
Ech crëmen dech an.
Däi Kapp gött elo gewäsch.
Mir wäschen elo däi Kapp.
Mir wäschen elo deng Zänn.
Ech/Mir kämmen elo deng Hoer.

Lo gi mer iessen.
Gi mer iessen ?
Solle mer iesse goen ?

Mir dinn elo d'Sabbelduch un.
Hutt der/Hues de Honger ?
Sidd der/Bass de hongereg ?
Gëtt et Brioché ?
Krëie mer Schocki/Kelloggs ?
Ech wëll ...
Mir soen ...
—> Kann ech Schocki krëien, wann
ech gelift ?

Wann een erausgeet ...

Kanns de d'Terrass mat hëllef raumen ?
Mir ginn elo bei de Lift.

On commence par les tout petits (de 0 à 3 ans) ...

Bonjour !
Bonjour à tou(te)s ! Bonjour tout le
monde !
Comment vas-tu/allez-vous / Ça va ?
Ça va (bien) ?
Vous avez bien dormi ?
Tu es encore fatigué(e) ?
Déshabille-toi, s'il te plaît !

On va se laver maintenant.
Tu vas sur le pot ?
On va te mettre un linge.
Nous allons changer de linge.
Je vais te mettre de la crème.
Je vais te laver la tête/les cheveux.
On va te laver la tête/les cheveux.
On va te brosser les dents.
Je vais/Nous allons te peigner les
cheveux.
On va/nous allons manger maintenant.
On va manger ?
Veux-tu/Voulez-vous que nous allions
manger ?
On va mettre le bavoir.
Avez-vous/As-tu faim ?
Avez-vous/As-tu faim ?
Y a-t-il de la brioche ?
Il y a du chocolat/des céréales ?
Je veux ...
On dit ...
—> Puis-je avoir du chocolat, s'il te
plaît ?

Quand il s'agit de sortir ...

Peux-tu aider à ranger la terrasse ?
On va/Nous allons près de l'ascenseur.



Mir ginn elo d'Schong undoen.

Mir ginn elo d'Jackett undoen.

Mir ginn elo ...

... op d'Terrass ...

... an den Turnsall ...

... op d'Spillplaz ...

... an de Park spillen (spadséieren).

Hal de Buggy un, wann ech gelift !

Bleift beieneen !

Mir bleiwen all hei !

Mir bleiwen all op dëser Säit (vun der

Spillplaz) !

Oppasse wou der gitt !

Oppasse bei de Klunschen !

Lo gi mer op d'Rutschbahn.

Lo gi mer schaukelen.

Wëlls du/Wëllt dir schaukelen/schau-
kele goen ?

Wëlls du/Wëllt dir rutschen/rutsche
goen ?

Wëlls du/Wëllt dir an de Sand spille
goen ?

Gi mer an d'Sandkëscht spillen ?

Ma lues !

Pass/passt op !

Rutscht een nom aneren !

Net lafen/Mir lafen net !

Net jäizen/Mir jäizen net !

Net un den Hoer rappen/Mir rappen
net un den Hoer !

Net schloen/Mir schloen net !

Mir klammen net op en anert Kand !

Mir klammen net op déi aner Kanner !

Mir klammen net op d'Bëbeeën !

So Pardon !

Gëss de mer e Kuss(i) ?

Gëss de der/denger Mamm(a) e Kuss(i) ?

Gëss de dem/dengem Papp(a) e Kuss(i) ?

Sees de der Mamm Moien/Äddi ?

Wénks de der Mamm (nach) ?

Bei Aktivitéiten ...

Wat ass um Bild ?

Wéi heescht dat ?

Mir molen elo e Bild/Biller.

On va mettre ses/Nous allons mettre
nos chaussures.

On va mettre son/Nous allons mettre
notre blouson.

Maintenant, nous allons ...

... sur la terrasse ...

... dans la salle de gym(nastique) ...

... à la plaine de jeux.

... jouer (nous promener) dans le
parc.

Tiens (toi à) la poussette, s'il te plaît !

Restez groupés !

On reste tou(te)s ici ! Tout le monde
reste ici !

On reste tou(te)s de ce côté-ci (de la
plaine de jeux) !

Regardez où vous marchez/posez les
pieds !

Faites attention près des balançoires !

Maintenant, nous allons sur le toboggan.

Maintenant, nous allons nous balancer.

Veux-tu aller te/Voulez-vous aller
vous balancer ?

Veux-tu/Voulez-vous aller (glisser) sur
le toboggan ?

Veux-tu/Voulez-vous aller jouer dans
le sable ?

On va jouer dans le bac à sable ?

Doucement !

Fais/Faites attention !

Glissez les un(e)s après les autres !

On ne court pas !

On ne crie pas !

On ne (se) tire pas par les cheveux !

On ne frappe pas !

On ne se grimpe pas dessus !

On ne grimpe pas sur les tout petits !

Dis pardon !

Tu me donnes un baiser/bisou ?

Tu donnes un bisou à (ta) maman ?

Tu donnes un bisou à (ton) papa ?

Tu dis bonjour/au revoir à maman ?

Tu fais (encore) signe à maman ?

Lors d'activités ...

Que voit-on sur l'image ?

Comment cela s'appelle-t-il ?

Nous allons faire un dessin/des des-
sins. Nous allons dessiner.



Mat där grénger/bloer/gieler ... Faarf
kann een engem Bam seng Blieder ...
... kann een d'Mier an den Himmel ...
... kann een d'Sonn oder eng Zitroun
molen.

Owes ...

Gees de/Géi wann ech gelift mathël-
lifen den Dësch decken !
Mir dinn de Schlofsak un.

Wann Eltere laanschtkommen ...

Wat hutt Dir/dir haut gemaach ?
War et flott de Moien/de Mëtteg ?

Wat ass dir da geschitt ?
Wéi ass et geschitt ?
Hien/Hatt ass um Glatäis ausgerëtscht.
Huet e/et vill geblutt ?
Wat seet den Dokter ?
Huet e (gutt) giess/Huet et eng Sieste
gemaach ?
Huet e/et seng Medikamenter kritt/
gehall ?
Brauch en/et e Mantel/Stiwwele fir
erauszegoen ?
Ass et gutt gaangen ?
Ass e/hatt brav gewiescht ?
Sinn Ersatzkleeder néideg ?
Wéini huet e/et fir d'lescht giess ?
Kéint Dir eng Fläsch maachen ?
Kënne mer de Schlofsak kréien/
mathuelen ?
Ass alles do fir ze bueden ?

Hei sinn d'Kanner eppes méi grouss (3-6 Joer) ...

Hues de gutt geschlof ?
Ass deng Pampers dréchen ?
Géi alt schonn an d'Buedzëmmer !
Géi alt scho vir ! Ech kommen no.
Wäsch dech, wann ech gelift !
Géi du schonn op d'Toilette !
Du kanns deng Pampers schonn
ausdoen.
Ech man/maachen dech frësch.
Géi schonn an deng Kummer !
Fänk un, dech unzedoen !

Avec la couleur verte/bleue/jaune ...
... on peut dessiner les feuilles d'un arbre ...
... on peut dessiner la mer et le ciel ...
... on peut dessiner le soleil ou un
citron.

Le soir ...

Va donner un coup de main pour
mettre/dresser la table, s'il te plaît !
On se met dans le sac de couchage.

Lorsque les parents se manifestent ...

Qu'avez-vous fait aujourd'hui ?
Vous vous êtes amusé(e)s ce matin/
cet après-midi ?
Que t'est-il donc arrivé ?
Comment est-ce arrivé ?
Il/Elle a glissé sur le verglas.
A-t-il/elle beaucoup saigné ?
Que dit le médecin ?
A-t-il (bien) mangé/A-t-elle fait une
sieste ?
A-t-il/elle eu/pris ses médicaments ?

Lui faut-il un manteau/des bottes
pour sortir ?
Ça s'est bien passé ?
A-t-il/elle été sage ?
Faut-il des vêtements de rechange ?
Quand a-t-il/elle pris son dernier repas ?
Pourriez-vous préparer un biberon ?
Pouvons-nous avoir/emporter le sac
de couchage ?
Y a-t-il tout ce qu'il faut pour son
bain ?

On passe à la catégorie supérieure (3-6 ans) ...

As-tu bien dormi ?
Ton lange est-il propre ?
Va déjà dans la salle de bain !
Vas-y déjà ! Je te suis.
Lave-toi, s'il te plaît !
Va déjà aux toilettes !
Tu peux déjà enlever ton lange.

Je vais te changer.
Va déjà dans ta chambre !
Commence à t'habiller !



Mir lafen net um Gank/Gang !
Mir ginn um Gank/Gang !
Dajee ! Maach virun !
Déi deng Strëmp alt schonn un !
Du hues d'Strëmp de verkéierte Wee un.

Déi se wann ech gelift aus a richtig un !

(Kand) Et geet awer net !

→ Da probéier mol nach eng Kéier !
→ Da komm heihin ! Ech hëllefen der.

(Kand) Kréien ech Mëllech, Brout, Botter ?

→ Wéi has de gemengt ?
→ Wéi heescht dat ?
Kréien ech Mëllech ... , wann ech gelift ?

Wat wëlls du dann op deng Schmier ?
Kanns du him dat hei/do mol weider-
reechen ?

Mir iesse propper !
Mir iessen net mat den Hänn !
Wëlls du nach Mëllech, Waasser ... ?
Packs du deen/déi/dat nach ?
(wann d'Kand scho vill giess huet)

Mir streiden net !
Klamm do wann ech gelift erof !
Mir hänken eis net un de Schaf un !
Mir hänken eis net un d'Gelänner un !

Mir lafen net an der Trap !

(Kand/Kanner) Wat maache mer de
Mëtteg ?

→ Mir ginn op d'Spillplaz.
→ Dir gitt an d'Schoul ... an ech
schaffen um Computer.
→ Mir wëssen et nach net.
→ Dat hänkt vum Wieder of.
→ Ech muss dat nach mam Sylvie
beschwätzen.

**Nach ee Stack méi héich
(vu 6 bis 12 Joer) ...**

Wéi ass et haut an der Schoul gaangen ?

Hues de Hausaufgaben ?
Weis mer mol däin Aufgabebichelchen !
Wat wëlls de als Eischt maachen ?
Huel däin/deng ... aus dem Schoulsak
eraus, wann ech gelift !

On ne court pas dans le couloir !
On marche dans le couloir !
Allez ! Dépêche-toi !
Mets déjà tes bas/chaussettes !
Tu as mis tes bas/chaussettes à l'en-
vers.

Enlève-les, s'il te plaît, et mets-les
comme il faut !

(Enfant) Ça ne va pas !

→ Dans ce cas, essaie encore une fois !
→ Dans ce cas, viens ici ! Je vais t'aider.

(Enfant) Je peux avoir du lait, du
pain, du beurre ?

→ Comment as-tu dit cela ?
→ Comment dit-on cela ?
Puis-je avoir du lait ... , s'il te (vous)
plaît ?
Que veux-tu sur ta tartine ?
Peux-tu lui passer ceci/cela ?

On mange proprement !
On ne mange pas avec les doigts !
Veux-tu encore du lait, de l'eau ... ?
As-tu encore de la place pour celui/
celle/ceux/celles-là ?
(lorsque l'enfant a déjà beaucoup
mangé)

On ne se dispute pas !
Descends de là, s'il te plaît !
On ne se pend pas à l'armoire !
On ne se pend pas à la rampe/à la
balustrade !
On ne court pas dans l'escalier !

(Enfant(s)) On fait quoi cet après-midi ?

→ Nous allons à la plaine de jeux.
→ Vous allez à l'école ... et moi, je
travaille à l'ordinateur.
→ On n'en sait encore rien.
→ Cela/Ça dépend(ra) du temps.
→ Je dois encore en parler/discuter
avec Sylvie.

**On monte encore d'un étage
(de 6 à 12 ans) ...**

Ça s'est passé comment à l'école
aujourd'hui ?
As-tu des devoirs ?
Montre-moi un peu ton journal de classe !
Par quoi veux-tu commencer ?
Sors ton/ta/tes ... de ton cartable, s'il
te plaît !



Kanneriwwerleeungen a – froen ...

Ech ginn do net eens.
Ech kann dat net.
Dat ass ze schwéier.
Mee dat ass vill !
Ech brauch en neie Gummi, en neie
Bläistëft.
Ech hu mäin Heft vergiess.
D'Joffer sot awer, ech brauch dat net ze
maachen.
→ Hei steet awer, datt s du et **muss**
maachen !
Kanns du mir hëllefen ?
Kanns du mir dat erklären ?
Kanns du mir dat hei abannen ?
Ech wëll guer net méi opstoen.
Kann ech leie bleiwen ?
→ Gëss du eleng eens ?

Kanns de mer dat mol virliesen ?
Setz dech richteg op däi Stull !
Kanns de mer dat opsoen ?
Hues de dat verstanen ?
Kanns de méi propper schreiwen ?
Kanns de probéieren, méi propper ze
schreiwen ?
Soll ech der et anescht erklären ?
Soll ech der et nach eng Kéier erklären ?
Probéier mol selwer !
Bass du wann ech gelift roueg !

Du kanns dech dohinner leeën.
Du kanns der dat eraussichen, wat s du
brauchs.
Soll ech der et e bësse méi däischter
maachen ?
Wann s de wëlls, kanns de deng Aen
zoumaachen.
Soll ech der d'Musek umaachen ?
Wéi fillt dat sech fir dech un ?
Wéi fills de dech elo ?
Wéi geet et der elo ?

Kanner a Jugendlecher vun 12 bis 18 Joer ...

Wéi geet et dir ?
So mer et, wann s du Hëllef brauchst !
Kann ech der hëllefen ?
Wëlls de dríwwer schwätzen ?

Réflexions et questions d'enfants ...

Je n'en sors pas.
Je n'y arrive pas.
C'est trop difficile.
Ça fait beaucoup !
Il me faut une nouvelle gomme, un
nouveau crayon.
J'ai oublié mon cahier.
L'institutrice a pourtant dit que je n'ai
pas besoin de faire cela.
→ Ici, il est pourtant écrit que tu **dois**
le faire !
Peux-tu m'aider ?
Peux-tu me l'expliquer ?
Peux-tu me recouvrir ceci ?
Je ne veux plus me lever du tout.
Puis-je rester allongé(e)/couché(e) ?
Tu en sor(tira)s/Tu te débrouille(ra)s seul(e) ?

Peux-tu me lire cela (à voix haute) ?
Assieds-toi comme il faut sur ta chaise !
Peux-tu me réciter cela ?
Tu as compris ?
Peux-tu écrire plus proprement ?
Peux-tu essayer d'écrire plus proprement ?

Veux-tu que je te l'explique autrement ?
Veux-tu que je te l'explique encore une fois ?
Essaie un peu toi-même !
Calme-toi, s'il te plaît !

Tu peux t'allonger là.
Tu peux chercher/choisir ce dont tu as
besoin.
Veux-tu que je baisse/diminue un peu la
lumière ?
Si tu (le) veux, tu peux fermer les yeux.

Veux-tu que je mette de la musique ?
Quel effet cela te fait-il ?
Comment te sens-tu maintenant ?
Comment ça va maintenant ?

Enfants et adolescents de 12 à 18 ans ...

Comment vas-tu ?
Si tu as besoin d'aide, dis-le moi !
Puis-je t'aider ?
Veux-tu en parler ?



Wat reegt dech dann esou op ?
Has de eng flott Visite ?
Looss mech wann ech gelift ausschwätzen !
Solle mer eppes zesumme spillen ?

Wou sinn deng Schlappen ?
Do deng Schlappen un !
Soll ech dech waakreg maachen ?
Schlof guft an dreem séiss !
Hues de/Hutt der guft geschlof ?
Hues de/Hutt der schéi gedreemt ?
Raumt wann ech gelift är Schung/
Schong !
Ass d'Kummer geraumt ?
Et ass Zäit fir an d'Bett ze goen.
Wéi war et an der Schoul ?
Wéi eng Hausaufgabe mussen nach
gemeet ginn ?
Wéini hues de Prüfung ?
A wéi engem Fach hues de Prüfung ?
Wouhi gees de op d'Sortie ?
Wéini bass de erëm ?

Du hues haut Rendez-vous beim Dokter.

→ Um wéi vill Auer ?
→ Um Véierel vir/op dräi.
Ass deng Wäsch gemeet ?
Wat solle mer haut kachen ?

Wie wëll hëllefen ze kachen ?
Wéi eng Aktivitéit(e) kéinte mer haut
maachen ?
Gëss de wann ech gelift däin Handy of !
Ass den Dësch gedeckt ?
Et gëtt net an der Stuff giess !
Wéini gees de duschen ?
Wéi war däi Weekend ?
Wat hues de de Weekend doheem
gemaach ?
Raum wann ech gelift d'Spullmaschinn
aus !
Kanns de wann ech gelift den Dësch
decken ?
Kënnt der wann ech gelift den Dësch
ofdecken ?
Huel wann ech gelift deng Féiss vum
Dësch erof !

Qu'est ce qui t'énervé ainsi ?
La visite s'est-elle bien passée ?
Laisse-moi terminer ma phrase, s'il te
plaît !
Veux-tu que nous jouions un peu
ensemble ?
Où sont tes pantoufles ?
Mets tes pantoufles !
Veux-tu que je te réveille ?
Dors bien et fais de beaux rêves !
As-tu/Avez-vous bien dormi ?
As-tu/Avez-vous fait de beaux rêves ?
Veuillez ranger vos chaussures !

La chambre est-elle rangée ?
Il est temps d'aller au lit.
Ça s'est passé comment à l'école ?
Quels devoirs dois-tu encore faire ?

Quand as-tu un/des examen(s) ?
Dans quelle matière as-tu un examen ?
Où sor(tira)s-tu ?
Quand rentre(ra)s-tu ?

Tu as rendez-vous chez le médecin
aujourd'hui .
→ À quelle heure ?
→ À trois heures moins le quart/un quart.
Ta lessive est-elle faite ?
Que veux-tu/voulez-vous que nous
préparions à manger aujourd'hui ?
Qui veut aider à préparer le repas ?
Quelle(s) activité(s) pourrions-nous
pratiquer aujourd'hui ?
Donne-moi ton portable, s'il te plaît !
La table est-elle mise ?
On ne mange pas dans le living !
Quand vas/iras-tu prendre ta douche ?
Comment ton week-end s'est-il passé ?
Qu'as-tu fait chez toi ce week-end ?

Vide le lave-vaisselle, s'il te plaît !

Peux-tu mettre/dresser la table, s'il te
plaît ?
Pouvez-vous débarrasser la table, s'il
vous plaît ?
Enlève les pieds de la table, s'il te
plaît !



Wa Jugendlecher froen ...

Wéi vill Stonne Sortie hunn ech nach ?

Wie schafft haut ?

Wéini hues du nees Nuetsschicht ?

Wat iesse mer haut ?

Kréien ech mäin Hygiengeld ?

Kréien ech 10 Euro Täschegeld ?

Wéi vill Täschegeld hunn ech nach ?

Kréien ech mäi Kleedergeld ?

Wéini däerf ech de Weekend heem
schlofe goen ?

Däerf ech bei meng Frëndin/mäi Frënd
schlofe goen ?

Kann ech mat der schwätzen ?

Bei behënnerte Kanner an Erwuesse- nen ...

Hutt Der gutt geschlof ?

Wëllt Dir elo opstoen ?

Solle mir an d'Dusch goen ?

Denkt drun, Är Zänn ze botzen !

Gitt Der eleng eens fir lech unzedoen ?

Kann ech lech dobäi hëllefen ?

Soll ech lech dobäi hëllefen ?

Gitt Der eens fir d'Är Schong ze strécken ?

Solle mer elo Kaffi drénke goen ?

Wat wëllt Dir op Är Schmier ?

Soll ech lech se kleng schneiden ?

Wëllt der Zocker a Mëllech an de Kaffi ?

Wëllt Dir mat akafe goen ?

Wëllt Dir mat Kommissioun maache
goen ?

Solle mir haut eppes zesumme kachen ?

(méindes) Wat solle mer dës Woch
kachen ?

Wat wënscht Dir lech ?

lwwerleet emol, wat Dir scho laang net
méi giess hutt !

Wat hutt/iesst Dir besonnesch gär ?

Wat ass Äert Liiblingsessen ?

Questions d'adolescent(e)s ...

À combien d'heures de sortie ai-je
encore droit ?

Qui travaille aujourd'hui ?

Quand seras-tu de nouveau de nuit ?

On mange quoi aujourd'hui ?

Puis-je avoir de quoi m'acheter des
produits d'hygiène et de beauté ?

Puis-je avoir dix euros d'argent de
poche ?

Combien d'argent de poche me
reste-t-il ?

Puis-je disposer de mon budget ha-
billement ?

Quand pourrai-je aller dormir chez
moi le week-end ?

Puis-je aller dormir chez ma copine/
mon copain ?

Puis-je te parler ?

Enfants et adultes souffrant d'un han- dicap ...

Avez-vous bien dormi ?

Voulez-vous vous lever maintenant ?

On va prendre une douche ?

Pensez à vous brosser les dents !

Vous pouvez vous habiller seul(e) ?

Puis-je vous aider à le faire ?

Voulez-vous que je vous aide ?

Vous arriverez à lacer vos chaussures ?

Voulez-vous que nous allions prendre
le petit-déjeuner ?

Que voulez-vous sur votre tartine ?

Voulez-vous que je vous la coupe en
petits morceaux ?

Voulez-vous du sucre et du lait dans
le café ?

Voulez-vous aller faire des courses
avec moi ?

Voulez-vous que nous cuisinions
ensemble ?

(le lundi) Qu'allons-nous préparer
cette semaine ?

Qu'aimeriez-vous ?

Pensez à quelque chose que vous
n'avez plus mangé depuis long-
temps !

Qu'aimez-vous en particulier ?

Quel est votre plat préféré ?



Lo musse mir nach Miel/Zocker siche
goen.
Mir si lo fäerdeg.
Mir hu lo alles, wat mir brauchen.

Mir kënnen an d'Keess goen.
Kënnt Dir mir eng/dës Tut droen ?
Kënnt Dir mir hëllef d'Tuten ze droen ?
Kënnt Dir mir hëllef d'Tuten an den
Auto ze setzen ?
Fir d'éischt schneide mir d'Geméis
kleng.
Lo schiele mer d'Grompren.

D'Fleesch muss fir d'éischt panéiert ginn.
Da gëtt et ugebroden.
D'Grompre müssen zwanzeg Minutte
kachen.
Da gi se ofgeschott.
Solle mir eraus mam Ball spille goen ?

Wëlls du e Buch/e Film kucken ?
Solle mer zesumme sängen/Musek
maachen ?
Solle mer an de Snoezelraum ?

Wëlls du e bësse raschte goen ?
Komm, mir maachen e Puzzle zesummen.

Komm, mir spille Memory.

Et ass schéint Wieder.
Mir ginn de Mëtteg spadséieren.
Wëlls de/Wëllt Der/der matgoen ?

Stellt iech an eng Rei !
Stellt iech zu zwee an zwee !
Stellt iech an e Krees !
Mir maache lo eng Course.
Lo maache mer eng Staffel.
Schéiss de Ball dengem Vis-à-vis !
Ruff den Numm vun engem Kand a
schéiss/werf him de Ball !
Laf dräi Tier ronderëm den Haff/de
Krees !
Haalt op mat streiden !
Lo geet et duer !
Du däerfs elo net méi matspillen.
Du hues dech net un d'Regele gehalten.
Du hues gefuddelt.
Du bass elo raus.

Nous devons encore aller chercher
de la farine/du sucre.
Nous avons terminé/C'est terminé.
Nous avons tout ce dont nous avons
besoin.
Nous pouvons passer à la caisse.
Pouvez-vous me porter un/ce sac ?
Pouvez-vous m'aider à porter les sacs ?
Pouvez-vous m'aider à mettre les
sacs dans la voiture ?
Nous allons d'abord couper les lé-
gumes en petits morceaux.
Maintenant, nous allons éplucher les
pommes de terre.
La viande doit d'abord être panée.
Il faut ensuite la faire revenir/rissoler.
Les pommes de terre doivent cuire
pendant 20 minutes.
Ensuite, on les égoutte.
Veux-tu/ Voulez-vous que nous al-
lions jouer à la balle dehors ?
Veux-tu regarder un livre/un film ?
Veux-tu/ Voulez-vous que nous chan-
tions/jouions de la musique ensemble ?
Veux-tu / Voulez-vous que nous allions
dans la salle de bien-être ?
Veux-tu aller te reposer un peu ?
Viens ! Nous allons faire un puzzle
ensemble.
Viens ! Nous allons jouer à Memory.

Il fait beau.
Nous irons nous promener cet après-midi.
Veux-tu/Voulez-vous m' / nous ac-
compagner ?

Mettez-vous en rang/sur un rang !
Mettez-vous deux par deux !
Mettez-vous en cercle !
Nous allons faire une course.
Nous allons faire une course de relais.
Lance la balle à ton vis-à-vis !
Crie le nom d'un enfant et lance-lui la
balle !
Fais trois tours de cour/cercle au pas de
course !
Arrêtez de vous disputer !
Ça suffit maintenant !
Tu ne peux plus participer au jeu.
Tu n'as pas respecté les règles.
Tu as triché.
Tu es éliminé(e).



Hutt dir Loscht beim Quiz
matzemaachen ?
Wëllt dir bei eis un den Dësch kommen ?

Mir liesen d'Zeitung zesummen.
Dir kritt d'Zeitung virgelies.
Haut gëtt fir d'Feierdeeg gebastelt.

Mir maachen eppes Schéines ...
... fir op den Dësch.
... fir op de Chrëschtbeemchen.
Kënnst dir Stären erausschneiden ?
Kënnst dir se molen/usträichen ?
Mir pechen dat elo op e Glas/op e
Blat/op e Stéck Holz.
Lo hu mer gutt geschafft.
Dat ass ganz schéi ginn.
Dir hutt tipptopp (mat)geschafft.
Ech soen lech/iech Merci dofir.
Wëllt dir dat mathuelen, wat dir ge-
bastelt hutt ?

Solle mer d'nächst Woch Kichelcher
zesumme baken ?

Mir fueren haut zesummen an de
Restaurant.

Mir fueren den Owend zesummen an
de Kino.

Wëllt der matgoen/matfueren ?
Hutt Dir Loscht de Concert vun ...
lauschteren ze goen ?

Wat wëllt Dir dëse Weekend
ënnerhuelen/maachen ?
Hutt Dir Loscht, iergendwouhin ze
fueren ?

Hutt Dir eng Iddi ?
Solle mer schwamme goen ?

Solle mer an d'Schwämm goen ?

Avez-vous envie de participer au quiz ?

Voulez-vous venir vous asseoir à notre
table ?

Nous allons lire le journal ensemble.

Je vais vous lire le journal.

Aujourd'hui, nous allons bricoler pour les
fêtes.

Nous allons faire quelque chose de beau ...

... pour décorer la table.

... pour décorer le sapin de Noël.

Pouvez-vous découper des étoiles ?

Pouvez-vous les peindre ?

Nous allons coller ça sur un verre/sur une
feuille/sur un morceau de bois.

Nous avons bien travaillé.

Ça donne un beau résultat.

Vous avez très bien travaillé/coopéré.

Je vous en remercie.

Voulez-vous emporter ce que vous avez
bricolé ?

Voulez-vous que nous fassions des gâteaux
la semaine prochaine ?

Nous allons au restaurant ensemble au-
jourd'hui.

Nous allons/irons au cinéma ensemble ce
soir.

Voulez-vous nous accompagner ?

Avez-vous envie d'aller au concert de ... ?

Que voulez-vous faire ce week-end ?

Avez-vous envie d'aller quelque part ?

Vous avez une idée ?

Veux-tu/Voulez-vous que nous allions
nager ?

Veux-tu/Voulez-vous que nous allions à la
piscine ?





Mes traductions fréquentes

A series of horizontal dotted lines for writing, spanning the width of the page.





Mes traductions fréquentes

A series of horizontal dotted lines for writing, spanning the width of the page.





«Ech schwätzen Är Sprooch !»

Editeur responsable : Pierre Henry Goffinet, Directeur Général
Province de Luxembourg - Square Albert 1er, 1 – B-6700 Arlon

